N°29
Entrée le 30.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 30.01.2024 wéilt ech dem Minister fir Premierminister eng mëndlech Fro stellen.

D'Heescheverbuet deelt am Moment den Excutif- an de Justizpouvoir. Vertrieder vun der Justiz hunn an de leschte Woche kloer gesot, dass fir si de Punkt vum allgemengen Heescheverbuet net méi am Code pénal steet. Regierungsmemberen an d'Deputéierten vun der Majoritéit hunn eng contraire Positioun ageholl.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Huet d'Regierung een Avis juridique zum Artikel 563 vum Code pénal erstelle gelooss?
Wa jo, wat gouf an dësem Avis festgehalen?
Wann nee, wéi wëll d'Regierung dës Fro soss klären?
Wat sinn d'Propose vun der Regierung, fir déi institutionell Kris an de Vertrauensbroch tëscht Exekutiv a Justiz, déi d'Heescheverbuet erbäi gefouert huet, ze léisen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten